

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15. Abrëll 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheitsminister weiderzeleeden.

An de Lëtzebuenger Spideeler sinn och Patienten déi eng Invitatioun fir eng Impfung kruten, déi des awer wéinst hirer Hospitalisatioun net benotze kënnen.

Dowéinst wéilt ech der Madamm Gesondheitsminister dës Froe stellen:

1. Ginn hospitaliséiert Patienten déi fir eng Vaccinatioun eligibel sinn, direkt an de Spideeler geimpft? Wann neen, firwat net?
2. Wann déi betraffe Persoune fir eng Impfung missten d'Spidol verlosse fir an en Impfzentrum ze goen, géing den Transport (wéinst eventuelle Logistik a Versécherungsproblemer) an dat adequat sanitäert Ëmfeld (wéinst erhéichten Ufällgeek- an Infektiounsrisikoe bei deene Leit) vum Gesondheitsministère organiséiert ginn?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten